eng KLACK fir eis SPROOCH
33. Joer
Nr. 321

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH

20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel. 47 06 12
E-Mail: actioun@letzebuergesch.lu
http://www.actioun-letzebuergesch.lu

Cotisatioun: 20 €
CCPL LU75 1111 0066 4448 0000
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Eise Comité:
Claude Bache (President a Caissier); Lex Roth (Vize-President); Patrick Kaell (Sekretär); Mariette Atten-Haag, Patrick Ehleringer, Yuri Miny, Suzette Schmit-Lehnertz a Vic Weber (Memberen)

Wann Dir der AL wëllt en Don maachen, dann iwwerweist op de Konto IBAN LU24 0019 4655 0203 7000 vum Fonds culturel national mat der Mentioun „Agrément N° 2024/147 Actioun Lëtzebuergesch“

Nächst Klack (Nr. 322): Samschdes, de 6. Juni 2026

„Vu ville Leit gëtt d'Wuert „Koffer“ fir eng „Wallis“ benotzt, dobäi ass „Koffer“ och e Metall (Kupfer, cuivre).“ (Fotos: Adobe Stock)

Éischter däitsch oder franséisch Friemwierder?

Natierlech solle mir eege lëtzebuergesch Wierder benotzen, do wou mir der hunn. Mee dacks musse mir nawell op Friemwierder zréckgräifen, an do stellt sech dann d'Fro, ob et éischter däitsch, franséisch oder esouguer englesch Friemwierder solle sinn. Vill Leit hunn do hir Preferenzen, verschiddene Sprieche wëllen z. B. op kee Fall franséisch Wierder benotzen, a gräifen da virun allem op däitsch Wierder zréck. Ech halen déi Approche fir falsch, eis Sprooch ass net nëmme flott, mee och ganz praktesch, an dozou gehéiert och den Ëmstand datt mir fir e bestëmmten Zweck dat bescht Wuert benotze kënnen a sollen. Mir wëllen eis Sprooch jo weider entwéckelen, oder net?

Zum Beispill gëtt vu ville Leit d'Wuert „Koffer“ fir eng „Wallis“ benotzt, dobäi ass „Koffer“ och e Metall (Kupfer, cuivre). Hei géif ech kloer vum Wuert „Koffer“ fir ze reesen ofroden, fir datt een de Reessaccessoire vum Metall ënnerscheede kann. Leider si vill Sprieche egoistesch, well an hirem Text ass néierens vu Metaller riets, si gesinn da kee Problem d'Wuert „Koffer“ fir eng „Wallis“ ze benotzen, d'Weiderentwécklung vun der Sprooch ass jo demokratesch, geldier? Nawell hunn d'Sprieche vum Lëtzebuergeschen och eng Responsabilitéit!

Dann hu mir de Fall, wou et bannent der selwechter Friemsprooch Homophoner ginn, wéi z. B. de franséische „mineur“, dee vun eise Medie leider esou gäre benotzt gëtt. Mir hunn et net néideg esou een Homophon aus enger anerer Sprooch einfach esou ze iwwerhuelen a sollen amplaz vum „mineur“ vu „Mannerjäreger“ oder „Minnenaarbechter“ schwätzen. Da weess jidderee wat gemengt ass, an eis Sprooch kritt doduerch e praktesche Virdeel.

Am Englesche gëtt och gären e germanescht Wuert fir en Déier geholl, wann et nach lieft, z. B. „pig“ fir „Schwäin“. Läit dat Déier da gebroden um Teller gëtt da vum franséische „porc“ geschwat. Kee Wonner, England war laang vun de Normanne besat an eis franséisch Nopere si fir hir gutt Kiche bekannt. Mee och am Lëtzebuergesche gi mir op dee Wee: fir d'gefruerent Waasser soe mir „Äis“, mee esoubal een et iesse kann, nenne mir et „Glace“. Dat Wuert „Speiseeis“ als zousätzlech Prezisioun brauche mir net.

Zesummegesate Wierder kënne mir gären aus dem Däitschen iwwerhuelen, wann et déi eenzel Wierder och an eiser Sprooch ginn, z. B. „Autobunn“, „Liichttuerm“, „Geeschterfuerer“ oder „Glécksspill“. Mee w.e.g. loosst d'Fangere vum „Fernseh“. Oder ass et „Fernsee“, well en Deenungs-h hu mir net? Schwätzt léiwer vun der „Televisioun“, ofgekierzt „Tëlee“, dir sot jo och „Teleskop“ amplaz „Fernrohr“ (oder ass et „Fernror“?) an „Telephon“ amplaz „Fernsprecher“. Jo, de „Fernsprecher“ ass esouguer bei eisen däitschen Noperen aus der Moud gefall.

Patrick Kaell

De Witz-Eck

An der Schoul

Schoulmeeschter: „Firwat ass d'Auerzäit an Amerika net déiselwecht wéi hei zu Lëtzebuerg?“

Pitti: „Well Amerika eréischt méi spéit entdeckt gouf.“

Männlech, weiblech oder sächlech?

– „Garçon, gesitt Dir dat Méck do a menger Zopp?“
– „Dat ass net ‚dat Méck‘, dat ass ‚déi Méck‘! Méck ass weiblech.“
– „Ou, dann hutt Dir zwar gutt Aen.“

(nach vill méi Witzer fannt Dir am Jérôme Lulling sengem Buch „170 Witzer op Lëtzebuergesch“ – ze kréie bei der AL)

Vu Bomien a Kandskanner

Déi leschte Kéier hunn ech mech vu menge Kandskanner beléiere gelooss. Jo, ech hunn hire Rot gebraucht fir hir Sprooch ze verstoen. Dobäi si mir all Lëtzebuerger. Lo dréien ech de Spiiss mol ëm a schwätzen an (ugeholl) vergiesse Lëtzebuerger Wierder.

Ech mengen domat net déi Wierder déi mat Gewunnechten a Maschinne vu fréier zesummenhänken déi et haut net méi ginn, mä et sollt een des Wierder vläit rëm ausgruewen.

Wann ech **glëschterlech** war, am ganzen Haus keng **Zockerboun** ze fanne war, da war den **Houschtzocker** och nach gutt! Deen ass zwar ëmmer un d'Zänn gaang well e sou haart war, e war jo och geduecht fir an den Téi oder de Grog ze maachen, wann ee sech mol erkaalt hat.

De Pätter huet geknoutert: „Wat muss ee sech awer **kristillege** fir déi **Jamenick** do rëm un d'Goen ze kréien“, déi si jo och ëmmer **futti** gefuer wann ee se am meeschte gebraucht huet. Dobaussen huet et **gehimmelliicht**, d'Hee huet missen eran, an da war d'Jamenick un der Maschinn futti.

Wann ee mol sou richteg **schiggeri** ass, da geet näischt iwwer e **Bounekaffi**. Meng Mamm huet e mat **Schiggeri** gemëscht, well e soss den Tattien am Haus ze staark war. Si waren dat och sou gewinnt, eng **Bräch** mat **Schiggeriskaffi**. Menges war dat näischt, ech hu fonnt dat wier **Muckefuck oder Schluutjen**. Dobäi e **Schuedi**, eng **Mummentaart** oder e **Quetscheflued**, da war en auszehalen.

Ech hunn nach zwee sou Wierder wou meng Kandskanner mech verwonnert gekuckt hunn. Nom Krich koum e beemol eng Moud op, déi war nei an huet bis haut iwwerlieft, mir kruten **Texasboxen**, jo dat war dat lëtzebuergescht Wuert fir eng Jeans, haut kréich een e Side Eye wann een se sou géing nennen!

Wann ee vun engem seet e wier eng **Cacahouètte**, dann ass net vill mat em lass. U mengen **Afennëss**, déi ech schrecklech gär iessen, halen ech awer fest, och wann dir mech lo komesch kuckt!

S. L.

*„Wann ech glëschterleg war, an am ganzen Haus keng **Zockerboun** ze fanne war, da war den Houschtzocker och nach gutt!“* (Foto: Adobe Stock)

D'Kläckelchen 321

(eng Rubrik fir déi Jonk, a fir déi, déi sech jonk fillen)

Rätsel: Wat feelt dann hei?

Hei d'Buschtawen, déi benotzt solle ginn. Et däerf kee Buschtaf iwwreg bleiwen!

A A A Ä B B B C C C D E E E E E E E E E E E E E E E E E E E E É É É F G G H H H I I I K K K K K K L L L M M N N N N N N N N N O O O O P R R R S S S S S T T U U U V V W W X Z

EENT - ZWEE - DRÄI

JANUAR - FEBRUAR - MÄERZ

ROUT - WÄISS - ___

BAUER - DAMM - _____

ALI BABA AN DÉI _____ RAIBER

DEELEN, WÉI D'PISSENGER MAT DE _____

EEN AF MÉCHT DER _____

MOIES - MËTTES - ____

EEN AN DEN ABRËLL _____

CORON _ - BË ___ - AB _ - ORCHI ___ - PÜRE _ - CHE _ - EK _ - RE __ - BADETT _ - KAC __ - FR ___ - FL ___ - ANT ___ - PIAN _ - KANNA ___ - AK __ - PEFFERK __ - EXPR ___ - PÂ __ - S _ - U _ - SCHLÄICH ___ - MI _